



Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

**(Assentiment)**

Jo, dann ass dat esou decidéiert.

A mer ginn zum nächste Projet de loi iwwer. Dat ass de Projet de loi 7161 iwwert d'Reorganisatioun vun der Chambre de Commerce. An d'Wuert huet d'Madamm Rapportrice Tess Burton.

## 7. 7161 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 26 octobre 2010 portant réorganisation de la Chambre de Commerce

### Rapport de la Commission de l'Économie

► **Mme Tess Burton** (LSAP), rapportrice.- Voilà! Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, de Projet de loi mat der Nummer 7161, deen ech lech elo hei presentéieren, ass de 25. Juli 2017 vum Wirtschaftsminister Etienne Schneider deposéiert ginn. D'Zil vun dësem Gesetzestext an dem groussherzogleche Reglement, deen dozou gehéiert, ass et, punktuell Ännerungen am Kadergesetz vun der Chambre de Commerce ze maachen, wéi och Ännerungen am groussherzogleche Reglement iwwert d'Organisatioun vun de Wahlen a vun der Wahlprozedur fir d'Chambre de Commerce ze maachen.

Mat dësem Gesetzesprojet kënn et zu enger Vereinfachung vun der Wahlprozedur vun der Chambre de Commerce. An domadder ass dësen Text Deel vun der Initiativ „Einfach Lëtzebuerg“. Déi nei Dispositiounen goufen entwéckelt, fir d'Wahlprozedur vun der Handelskummer ze optimiséieren, besonnesch wat verschidde praktesch Aspekter ubelaangt, déi sech bei de leschte Wahlen erauskristalliséiert hunn an déi duerch déi nei Adaptatiounen eng gewësse Wichtigkeet souwuel fir déi öffentlech Akteuren, awer och fir d'Handelskummer selwer duerstellen.

An deem Sënn ass et dann och esou, datt de Friddensrichter, deen de Moment oft an d'Wahlprozedur intervenéiert, all seng Missiounen, déi e juristesche Pouvoir erfuere, behält, allerdéngs elo eng Rei administrativ Aufgabe vum Wahlbüro duerchgefouert ginn. De Wahlbüro gëtt also elo méi implizéiert a kritt vun elo u Kandidatvirschléi an arrétéiert d'Lëscht vun de Memberen, soubal eng Lëscht deposéiert ass. An de Büro leet ausdrécklech fest, wien déi effektiv Membere sinn a wéi eng d'Membres suppléants sinn.

An dësem Fall ass et dann och de Büro, deen déi gewielte Membere proklaméiert. Esou ass also de Wahlbüro och zoustänneg fir d'Opnam vun de Kandidatpropositiounen. An d'Leit, déi hir Kandidatur wëllen deposéieren, brauchen an Zukunft keng Attestatioun méi, datt se op de Wielerlëscht an hirer Gemeng ageschriwwen sinn.

Am Sënn vun enger Moderniséierung, a besonnesch am digitalen Zäitalter, ass virgesinn, datt an Zukunft all d'Formularen, déi fir d'Kandidaturproposen néideg sinn, deenen Interesséierte souwuel op Pabeier wéi och elektronesch zur Verfügung gestallt ginn. An domat gëtt dann d'Gestioun an d'Ausfëlle vun deenen néidegen Dokumenter och méi einfach.

Här President, dann ass et och esou, datt d'Plenarversammlung, wat jo d'souverän Organ vun der Chambre de Commerce ass, souwuel aus éischtgewielte wéi och aus zweetgewielte Membere besteet. Dës Ännerung erhéicht d'Representativitéit vun de Wahlgruppen an och den demokratesche Charakter. Dat heescht, soubal en éischtgewielte Member verhénnert ass, fir un der Assemblée plénière deelzehuelen, kann op Basis vun der Ranguerdnung den zweetgewielte Member ersetze goen.

Dës implizéiert eng aktiv Matbedeelegung vun deene verschiddene Memberen. Dat heescht domadder dann, datt de Suppléant, wann et noutwendeg ass, éischter oder méi oft convoquéiert gëtt.

En anere Virdeel ass deen, datt een de Risiko vun engem ze klengen Quorum domadder reduzéiert. Och am Sënn vun enger demokratescher Representativitéit ass envisagéiert, datt am Fall, wou eng Wielergrupp net méi representéiert ass, soubal keen éischt- an zweetgewielte Member méi do ass, datt et an esou engem Fall zu Neiwahle géif kommen, awer nëmme fir dës Grupp, fir nei Effectiffen a Suppléanten ze bestëmmen.

Et ass och virgesinn: Am Fall, wou eng Wahlgrupp keng Lëscht oder souguer eng oder méi Lëscht kee Kandidat presentéieren, kënn et zu Neiwahlen, awer just fir dee concernéierte Grupp, an dëst innerhalb vu maximal sechs Méint.

Schlussendlech goufen nach e puer Präzisounen vun Datumen an Delaïen an d'Gesetz ageschriwwen, sief dat fir d'Areche vun de Kandidatpropositiounen oder d'Frist, fir d'Stëmmziedelen ofzeginn. Dës Dispositiounen sollen och zur Vereinfachung an zur Flexibilitéit vun där ganzer Prozedur bäidroen.

Här President, ech kommen nach kuerz zu den Avisen. D'Handelskummer huet aktiv un der Ausaarbechtung vun dësem Gesetz an dem Règlement grand-ducal matgeschafft a begréisst an hirem Avis vum 22. August 2017, datt déi nei Dispositiounen zu enger administrativer Vereinfachung bäidroen an datt een eng méi héich demokratesch Representatioun vun hire gewieltene Memberen doduerch erreecht.

De Statsrot huet a sengem Avis den 30. Januar 2018 eng Rei vu Präzisounen gefrot, besonnesch wat d'Modalitéite fir den Ad-hoc-Remplacement vun engem Membre effectif duerch e Suppléant ugeet, an huet och eng Rei legistesche Remarque gemaach, awer keng Opposition formelle, soudatt ech mäi Rapport den 8. Februar an der zoustänneger Kommissioun presentéiere konnt.

Voilà! Dës gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren. An ech ginn natierlech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci der Madamm Rapportrice. An den Här Gloden huet d'Wuert.

### Discussion générale

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Merci, Här President. Ech soen der Madamm Rapportrice Merci fir den ausféierleche schrëftlechen a mündleche Rapport. Et ass alles gesot ginn. Et ass eng Vereinfachung vun der Wahlprozedur. An ech ginn den Accord vu menger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Den Här Bauler.

► **M. André Bauler** (DP).- Här President, dat heiten ass e pertinent Beispill vun administrativer Vereinfachung. Engersäits gëtt, wéi d'Rapportrice et scho gesot huet, d'Wahlprozedur vun der Handelskummer simplifiéiert, anerersäits gëtt awer och den administrativen Opwand ofgebaut, reduzéiert.

Mir begréissen als Demokratesch Partei och, datt déi demokratesch Representativitéit innerhalb vun der Handelskummer mat dësem Projet verstärkt gëtt.

Dës gesot, wëll ech am Numm vu menger Fraktioun der Rapportrice en häerzleche Merci soe fir hire Bericht a géif dann och den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet de loi ginn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Den Här Anzia.

► **M. Gérard Anzia** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Ech géif dem Tess Burton Merci soe fir dee gudden schrëftlechen a mündleche Rapport an den Accord vun der grénger Fraktioun fir dës Projet de loi erabrénge.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Domat hätt d'Regierung d'Wuert.

### Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie.*- Här President, ech soen der honorabeler Madamm Burton Merci fir hiren exzellente Rapport, soen der Chamber Merci fir d'Zoustëmmung zu deem heite Projet.

Ech mengen, dass et eng Ännerung ass, eng Vereinfachung ass, déi scho laang batternéideg war an déi domadder dann elo och haut gemaach ginn ass.

Merci villmools.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. An da kënnen mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7161 iwwergoen.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7161 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

### (Interruption)

Elo ass d'Ofstëmmung dann eriwuer.

A mir hu mat 60 Jo-Stëmmen eng Unanimitéit fir de Projet de loi 7161.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval (par Mme Martine Mergen), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens ze froen?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

## 8. Ordre du jour

A mer géifen dann zu deenen nächste Projeten iwwergoen: d'Projets de loi 7224 an 7225, déi mer wëllen an enger Diskussioun traitéieren. Dat heescht, d'Madamm Rapportrice mécht déi zwee Rapporten iwwer Accorden tëscht Lëtzebuerg a Litauen, wat d'statistesche Transfere vun erneierbaren Energien ugeet. An d'Madamm Rapportrice huet d'Wuert.

## 9. 7224 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Lituanie sur les transferts statistiques d'énergie produite à partir de sources renouvelables afin de respecter les objectifs prévus par la directive 2009/28/CE, signé à Vilnius, le 26 octobre 2017

## 7225 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Estonie sur l'établissement d'un cadre pour le transfert statistique d'énergie produite à partir de sources renouvelables afin de respecter les objectifs prévus par la directive 2009/28/CE, signé à Tallinn, le 7 novembre 2017

### Rapports de la Commission de l'Économie

► **Mme Tess Burton** (LSAP), rapportrice.- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, wéi grad gesot: Ech wäert lech elo de Rapport vun deenen zwee Projet-de-loie mat den Nummern 7224 an 7225 zesumme maachen, well et sech hei ëm zwee bal identesch Accorden handelt, déi mat zwee baltesche Länner ënnerschriwwen gi sinn, eemol mat Litauen an eemol mat Estland.

Déi zwee Projet-de-loie sinn den 20. Dezember 2017 vun der Regierung deposéiert ginn.

Et geet bei dësen zwee Accorden ëm eng Direktiv, déi 2009 ënnerschriwwen ginn ass, an där d'Ziler op europäeschem Niveau fir all EU-Memberstat festgehalen gi sinn, wat d'erneierbar Energie betrëfft. All Memberstat krut en Zil, fir am Joer 2020 e gewëssenen Ertrag vu senger Energieversuergung erneierbar ze hunn.

Mir hunn do als Zil fir Lëtzebuerg 11% kritt an d'Obbligatioun, e Plang opzestellen, wéi mer déi 11% erreeche wëllen. Am Joer 2010 huet d'Regierung dee Plang approvüiert, dee festhält, wéi ee soll bis 2020 virgoen, fir dës Zil ze erreechen.

An deem Plang sinn dräi Voleten definéiert ginn.

Een Deel vun deenen 11% si 4%, déi heiheem gemaach solle ginn duerch national Mesuren.

Den zweete Volet ass obligatoresch am Transportberäich ze maachen. Dat si 5% vun deenen 11%.

An am Plang ass och festgehalen, datt déi feelend 2%, fir op déi 11% ze kommen, net am Land kënnen oder solle bis 2020 gemaach ginn, mä datt déi iwwer en Accord de coopération mat anere Länner gemaach solle ginn.

De Ministère huet 2010 direkt mat alle potenzielle Länner Kontakt opgehol. An iwwert déi fénnef Joer huet sech dunn erauskristalliséiert, datt Lëtzebuerg déi meescht Méiglechkeete mat Estland a Litauen hätt, an dofir huet eist Land dunn och déi Verhandlungen intensivéiert a koun dunn eben op dës zwee Accorden hei.

Déi zwee Accorden hunn de Charakter vun engem Traité. An deenen zwee Accorde stinn ongeféier déiselwecht Dispositiounen dran. De Ministère huet näamlech drop gehalen, fir mat deenen zwee Länner eng gewësse Balance ze halen, well déi zwee Länner sech jo och matenee vergläichen, wéi wéi vill kritt a gëtt an zu wéi enge Konditiounen. Am Résumé: Et gëtt also pro Accord eng minimal Quantitéit vum sougenannten Transfert statistique garantéiert, géint ee gewëssene monetäre Wäert.

A gläichzäiteg hu mer dann och d'Méiglechkeet - jee nodeems, wéi vill mer brauche bis 2020, well een dat net genau ka viraussoen, well dat vu ganz ville Parametere ofhänkt -, gewëssen zousätzlech Quantitéiten ze kafen.

Et ass dann och esou, datt d'Fro opkomm ass, aus wéi enger Energie déi zwee Länner, Estland a Litauen, hire grénge Stroom maachen. An do ass och an deenen Accorde festgehalen ginn, datt mir als Lëtzebuerg d'Statistiken an d'Quantitéite vun deenen Energië kréien, déi si am meeschten notzen oder entwéckele wëllen. Dat ass d'Sonnenenergie, d'Wandenergie an dann och d'Aerdwärmt, also d'Geothermie, a subsidiär hannendru kënn d'Energie aus Biomass, déi kann ugerechent ginn.

Nach kuerz zu de Finanzen. Déi zwee Traitée couvréieren d'Period vun 2018 bis 2020. An deene jeeeweilegen Accorden ass fir déi Period en Transfert statistique vu 700 Gigawatt d'Stonn virgesinn zu engem Präis vun 10,5 Milliounen Euro. Den Transfert gëtt mat béide Länner an zwou Etappe gemaach. Dës Joer wäert Lëtzebuerg jeeeweils 300 Gigawatt d'Stonn fir 4,5 Milliounen Euro kafen an 2020 déi reschtlech 400 Gigawatt d'Stonn fir 6 Milliounen.

De Statsrot huet den 30. Januar dës Joer säi Feu vert zu dësen zwee Projete ginn.

Voilà! An dës gesot, ginn ech och de Feu vert vun der sozialistescher Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci och. An dann huet den Här Mosar d'Wuert.

### Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, Merci och hei der Rapportrice fir hir zwee exzellente Rapporten. Mir bleift weider soss näischt ze soen, wéi den Accord vu menger Fraktioun ze ginn.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Den Här Hahn.

► **M. Max Hahn** (DP).- Här President, dass Lëtzebuerg wäert erneierbar Energien aus Estland a Litauen akafen, ass fir d'Demokratesch Partei dee richteg Wee. Ech soen lech, firwat. Mat sengen 2.586 km² huet Lëtzebuerg eng begrenzte Fläch zur Verfügung, fir erneierbar Energien anzesetzen. A wéi mä Kolleg, den André Bauler, kierzlech ganz treffend gesot huet: Dës si geografesch Constraints, déi evident sinn.

Här President, Lëtzebuerg läit net um Mier, wat eng Rei Zorte Stroumerzeugung aus erneierbaren Energien onméiglech mécht. Och eist Waasserkraaftpotenzial ass quasi komplett ausgenotzt. Och wann een aktuell vill vun de potenziell méigleche Wandmillen am Süde vum Land héiert, ass och d'Wandkraaftpotenzial begrenzt. Awer ënner anerem am Beräich vun der Fotovoltaik läit nach vill Potenzial.

Här President, de Kampf géint de Klimawandel ass kee Kampf, dee Lëtzebuerg eleng ka gewinnen. Do brauche mer kollektiv Efforten an do brauche mer eng gewësse Flexibilitéit, fir dass déi ambitiéis Ziler, déi Europa sech an dësem Beräich ginn huet, och kënnen erreecht ginn.

Och wa Lëtzebuerg sech elo erneierbar Energie aus de baltesche Länner wäert bäikafen, fir säin nationaalt Zil ze erreechen, esou heescht dat awer net, dass mir heiheem keng Efforte mussen oder wëlle maachen. Ganz am Géigendeel!

Déi lescht Jore gouf enorm vill a Solar- a Wandenergie investéiert. Och beim Bau gëtt exklusiv nom héchsten Energiestandard gebaut. An och de Rifkin-Rapport weist nei Pisten op, wéi nach méi op erneierbar Energie gesat ka ginn.

Mä, Dir Dammen, Dir Hären, all déi Efforten hunn och eng Limit. An dofir ass et noutwendeg, dass mer och Energie bäikafen, wou der méi produzéiert ka ginn. Estland a Litauen leien um Mier. Béid Länner hunn hir national Ziler





schonn erreecht, soudass si eis hëllef kënnen, eis national Ziler ëmsetzen. Genaousou stellen ech mer en integréierten europäesche Banne-maart vir, dee funktionéiert.

D'Demokratesch Partei ass der Meenung, dass déi national Efforten, zesumme mat den erneierbaren Energien aus de baltische Länner, duer wäerte goen, fir eisen Obligatiounen bis 2020 nozekommen. Mir plädéieren awer derfir, dass déi Ziler, déi mer eis an Zukunft wäerte setzen, net nëmmen ambitiéis musse sinn, mä och realistesch musse bleiwen.

► **M. André Bauler (DP).**- Très bien!

► **M. Max Hahn (DP).**- Fir eist Zil vun 11% erneierbar Energie bis d'Joer 2020 ze realiséieren, wäerte mer also 2% Stroum am Ausland bäikafen an 9% ginn duerch eis national Efforten erreecht.

Här President, mir gräifen also net op erneierbare Stroum aus Estland a Litauen zrëck, well Lëtzebuerg bei sengen Efforte versot huet, mä well Europa als e Ganzt funktionéiert, fir zesummen ee gemeinsam Zil ze erreechen. Momentan bleift och nach zu Lëtzebuerg Sputt no uewen, mä wa mer enges Daags keng Plaz méi hunn, fir weider Wandrieder oder nei Solaranlagen ze bauen, da wäert déi eenzeg Léisung fir Lëtzebuerg sinn, fir op deene Plazen an Europa erneierbar Energie anzusetzen, wou nach Potenzial ass.

Dëst gesot, géif ech der Rapportrice, dem Tess Burton, Merci soe fir hiren ausféierleche schréfflechen a mëndleche Rapport. An ech ginn natierlech den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. An dann huet als Nächsten den Här Gérard Anzia d'Wuert.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).**- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kolleegen, e grouse Merci un d'Tess Burton fir den ausféierleche Rapport zu dësen zwee Accorden, déi mer ausgeschafft hunn. Dat sinn zwee gutt Accorden. Dat sinn Accorde mat Modellcharakter fir Europa.

Firwat sinn et gutt Accorden? Well gutt Projeten dermat ënnerstëtzt ginn am Beräich vun erneierbaren Energien, an dat a Litauen an an Estland.

Ech wollt dräi Froen opwerfen: Sinn et dann elo wierklech gutt Accorden? Firwat sinn dës Accorden iwwerhaapt méiglech? An: Musse mer net méi zu Lëtzebuerg maachen, wat d'erneierbar Energien ugeet?

Et sinn eiser Meenung no gutt Accorden, well kloer Bedéngungen an den Accorden drastinn a well dës Suen, déi heimat investéiert ginn, an de Bau vun neien Anlage wäerten investéiert ginn, nei Anlagen am Beräich vun der Solarenergie, der Wandenergie, der Geothermie. An et gëtt zwou kleng Nuancen: Wat Litauen ugeet, do kënnen déi Gelder och benotzt ginn, fir d'Fuerschung am Beräich vun den erneierbaren Energie weiderzedreiwen, an an Estland fir d'Efficacité énergétique weiderzedreiwen.

Zum Zweeten: Firwat war dësen Accord iwwerhaapt méiglech? Ma d'EU-Direktiv vun 2009 ass ugeholl ginn, wou fir all d'Länner vun der Europäescher Unioun en Zil vun 20% bis 2020 am Beräich vun den erneierbaren Energien dra-steet. Dunn ass déi Laascht, déi do ze droen ass, op déi 28 Länner verschidden opgedeelt ginn an entsprechend de Méiglechkeeten.

An d'Regierung huet 2010 deem Zil vun 11% erneierbaren Energien zougestëmmt. A mir hunn dat ugeholl. An do hanken dräi Moosnamen drun. Et hänkt en nationale Plang drun, wéi déi 11% erneierbar Energie sollen erreecht ginn. An dat war 2010 schonn esou festgeluecht ginn.

Den éischte Volet ass d'national Produktioun mat 4% erneierbaren Energien. Wa meng Informatiounen net falsch sinn, da sti mer am Moment bei 5,44% erneierbar Energien, wat den Endenergieverbrauch ugeet.

Dann hu mer den Transportberäich, dee mat 5% sollt bäidroen, fir dat Zil ze erreechen. Dir musst awer wëssen, dass dat genau de Knackpunkt ass zu Lëtzebuerg, well dora bal 60% vun dem Endenergieverbrauch verbraucht gëtt, genotzt gëtt. Do war ugeduecht, dëst Zil iwwert d'Bäimëschung vu Biofuels, also vu Biokraftstoffen, an d'Mobilité électrique ze erreechen. An do hu mer bei der Bäimëschung am Moment e Prozentsaz vu 5,92%. Do ass also nach e ganze Volet am Transportberäich ze maachen.

An zum Drëtten war 2010 scho festgeluecht ginn, dass 2% kënnen iwwer Mesures de coopération festgeluecht ginn. Awer net egal wat fir Kooperatiounen, mä nëmme mat deene Länner, déi ganz kloer hir Ziler, déi si 2010 festgeluecht hunn, iwwerschratt hunn, dat

heescht, déi méi wäit gaange si wéi dat, wat se sech zesummen als 28 europäesch Länner virgeholl hunn. An dat sinn 11 vun 28 Länner. An ënner anerem si Litauen an Estland dodrënner.

Dat ass, firwat dësen Accord iwwerhaapt méiglech ass.

Mä musse mer net elo zu Lëtzebuerg méi maachen? Ma natierlech musse mir dat ganz Potenzial zu Lëtzebuerg ofruffen, wat mer hunn am Wand-, am Solar- an am Beräich vun der Biomass.

Wat d'Wandenergie ugeet, do si mer op engem ganz gudden Wee. 2016 an 2017 si méi Anlagen, méi Leeschtung un d'Netz gaange wéi an deenen 20 Joer virdrun. An et sinn nach eng ganz Partie Projeten an der Planung. An der Fotovoltaik, wann een do de Bilan mécht - an dat ass rezent gemaach ginn an enger Pressekonferenz d'lescht Joer - tëschent 2014 an 2017, sinn 1.700 nei Anlagen un d'Netz gaangen. Do si mer also an engem Wandel vun der Mentalitéit vun dem Konsument zum Produzent. Deen ass amgaangen.

An eng Eckbedéngung, déi do matspillt, ass sécherlech déi gesetzgeberesch Méiglechkeet, déi mer do hunn, fir déi kooperativ Anlagen op méi grouss Flächen auszedeene bis 200 kWp, wou Leit also gemeinsam kënnen op Flächen, déi do sinn, déi Anlage bauen. A mir sinn der Meenung als déi gréng, dass ee sech soll gutt iwwerleeën, ob een net déi maximal Leeschtung vun dësen Anlagen, déi u sech a Biergerbedelegung, a Kooperatioun bedriwwen sollen oder kënnen ginn, op 500 kWp sollt erweideren, well do ass e grouss Potenzial u besteeënden an elo scho versigelte Flächen an Diecher.

An zum Leschten, do ass de Stat och deen, dee mat guddem Beispill virgeet. An e muss och mat guddem Beispill virgoen a senge Verpflichtungen nokommen, fir déi Ziler, déi mer u sech gemellt hunn, ze erreechen, an dat op den öffentliche Gebaier. En Artikel, deen elo am Januar kommen war, dee mécht mer extra vill Freed, do steet dann: „Solarenergie macht Schule“. Et ass eng Schoul, déi mer um Häerz läit. Et ass den Atert-Lycée, dee gemengt ass, wou de Stat op deem Gebai 1 MWp Fotovoltaik installéiert huet. An dat ass genau dee richtige Wee.

Ee lescht Wuert zu den erneierbaren Energien. Et ass ëmmer gesot ginn: D'erneierbar Energien, wa se an d'Netz erakommen, da verursaache se Problemer, wat d'Stabilitéit ugeet. Wann ech elo de Bericht, d'Statistike kucke vum ILR vun 2016, wou mer e gewëssenen Zousaz vu Fotovoltaik an Eoliennen haten, da muss ee soen, dass 2016 manner Interruptiounen am Netz ware wéi d'Joer virdrun. An déi Interruptiounen, déi do waren, déi net geplangt waren, hunn och nach manner laang gedauert, soudass een net ka soen, dass d'Stabilitéit vum Netz ënnert dem Zouwuess vun den erneierbaren Energie gelidden hätt.

Ech kommen zum Schluss. Här President, léif Kolleginnen a Kolleegen, dësen Accord ass e gudden Accord, well et en Accord ass mat Substanz. Dësen Accord ass keen Ablasshandel vu Lëtzebuerg, mä e Modell vu Solidaritéit tëschent europäesche Länner aus der EU. Mir müssen awer sécherlech eng aner Strategie fannen, wat den Transportsektor ugeet, eng Exitstrategie aus de fossilen Energieträger, well dat ass de Knackpunkt, fir op deen Taux vun erneierbar Energien am Netz ze kommen, dee mer wëllen erreechen zu Lëtzebuerg.

An dann zum Schluss, fir déi gréng gëllt, wat d'erneierbar Energien ugeet zu Lëtzebuerg, ganz kloer de Motto: „Luxembourg first“. Mir musse fir d'Éischt d'erneierbar Energien zu Lëtzebuerg opbauen. An do ënnerstëtze mer d'Regierung an de Wirtschaftsministère an de Bemeiungen, déi se maachen, fir do mat Subsidien a reglementäresch anzegräifen, fir dass mer entsprechend méi erneierbar Energien an d'Netz kréien.

An ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun zu deenen zwee Projet-de-loien.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann ass den Här Fernand Kartheiser ageschriwwen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, fir d'Éischt och e Merci un d'Madamm Burton fir dee Rapport, dee se eis hei presentéiert huet.

Ech wëll vläicht fir unzefänke soen, dass dat heiten e ganz deieren Accord ass. Bei deenen zwee Accorden, déi mer hei hunn, do gi mer dovun aus, dass op d'mannst - op d'mannst! - all Accord 10,5 Milliounen Euro kascht, dat heescht, 21 Milliounen Euro ass de Minimum an dat kann eropgoe bis zu 52,5 Milliounen Euro.

Wann een dat vergläicht mat anere Projeten, déi mer an der leschter Zäit diskutéiert hunn, Aspuerungen, mat deene mer konfrontéiert waren am soziale Beräich an an anere Beräicher, mengen ech, musse mer eis bewosst sinn, dass mer hei iwwer eng substanzuell Depense schwätzen. An ëmsou méi justifiéiert ass et dann, dass mer eis d'Fro stellen: Ass dat richtig, wat mer hei maachen? Wat maache mer hei iwwerhaapt? Ass dat opportun?

Déi éischt Consideratioun, déi een, fir déi Fro ze beäntweren, ka ginn, ass, dass Lëtzebuerg sech vläicht ze vill ambitiéis Ziler setzt an deem do Beräich, well eben den Territoire keng grouss Méiglechkeeten hiergëtt am Beräich vun den alternativen Energien. Well och d'Biocarburanten am Beräich vum Transport eng Rei vu Problemer mat sech bréngen. Vlächet net méi esou schlëmm, wéi et war, mä och do gëtt et etesch Problemer, wa mer Biocarburanten asetzen. Dat ass keng einfach Decisioun, fir dat ze maachen.

A mir müssen eis och virun allem d'Fro stellen: Déi héich Ziler, déi mer geholl hunn, ginn déi net nach méi onrealistesche duerch déi Industrieprojeten, déi elo nach all geplangt sinn, oder grouss Stroumproduzenten (veuillez lire: Stroumkonsumenten)? Wa Google sech effektiv hei géif niddleossen, da muss ee sech jo och d'Fro stellen: Wéi gesäit et dann aus mat der Energiebilanz, mat erneierbaren Energien an esou weider an esou virun?

Ech weess net, ob d'Regierung déi Donnéeë schonn huet oder se scho matgedeelt huet. Mä ech mengen, wat mer kënnen mat Sécherheet soen, ass, dass dee Wuesstum, sief et bevölkerungsméisseg, wirtschaftsméisseg, Industrien an esou weider, eis ëmmer méi an eng Situation dreift, wou mer déi Ziler, déi héichgestachen Ziler, déi mer eis do setzen, warscheinlech net kënnen erreechen.

Loosse mer dann emol kucken, firwat mer déi tëschent 21 an 52 Milliounen Euro dann ausginn!

Den Här Hahn hat gesot: Mir kafen erneierbar Energien an Estland an a Litauen. Dat maache mer net. Mir kafen null erneierbar Energie am Ausland, mir maache just en Transfert statistique, näischt anescht. Mir soen einfach: Mir kënnen eis eppes statistesch guttschreiwen. Déi Suen, déi mer ginn, dat ass keen Transfert statistique, dass ass en Transfert réel, mä déi Energie, déi mer soi-disant kréien, dat ass näischt anescht wéi Statistik. Et gëtt keng Stroumleitung tëschent de baltische Staten a Lëtzebuerg, wou deen neie grénge Stroum op eemol géif heihikommen. Dat gëtt et net. Neen, si maachen e Stroumnetz mat Polen a mat Schweden probéiere se e Stroumnetz opzebauen, awer net direkt op Lëtzebuerg.

Hei geet et ëm eppes anescht. De Stroummix zu Lëtzebuerg, deen hei am Stecker ass, dee gëtt null betraff vun deem Accord. Wann ech hei de Stecker astiechen, dann hunn ech nach deeselwechte Mix vun Atomenergie, Kuel, Gas an erneierbarer Energie mat oder ouni deen Accord.

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.**- Dir hutt just gréng Energie, wann Dir Äre Stecker iergendzwoosch astiecht. Hei zu Lëtzebuerg gëtt 100% gréng Energie geliiwert un all Stot am Land.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, mä awer net zum Beispill un all Industrie am Land.

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.**- Dat ass richtig.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Voilà! Gesitt Der emol, Här Minister!

(Brouhaha)

Also, well ech mengen... Ma neen! Mir musse wëssen, wouriwwer mer schwätzen. Eis Betriber si grouss Konsumenten.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Jo. An et ass net esou, dass de Stroummix hei am Land sech géif änneren duerch en Transfert statistique mat de baltische Staten, dee mer awer deier bezuelen. Mir kafen also keng erneierbar Energie, mir kafen eng Statistik.

Dat Zweet ass, mir ginn dann déi 50 Milliounen Euro an et ass natierlech wouer, dass déi State sech do och engagéieren, fir do och Energie renouvelable domat ze developpéieren. Mä och do gëllt de Principe d'unicité vun de Recettes am Budget. Dat heescht, dass eng politesch Absichtserklärung. Mä dee gréissten Energieprojet vun de baltische Staten an Zesummenaarbecht mat e puer aneren an der Géigend, dass eng Atomzentral a Litauen, dat ass Visaginas!

Dee Projet ass scho relativ al, en ass heiansdo op d'Säit geluecht ginn, mä mat de Spannung mat Russland ass en erëm ausgepaakt ginn. An dee gréissten Energieentwécklungsprojet an deene Staten ass wéi gesot d'Atomenergie.

Elo froen ech mech - ech kann et net beweisen, mä vu datt de Budget do opgestallt gëtt, wéi en hei opgestallt gëtt -, ob et sécher ass, wa mer Energie subventionéieren, dass mer alternativ Energie subventionéieren.

Mir hunn als ADR ëmmer gesot - a fréier, virun der Gambia-Regierung, huet d'DP hei och derfir plädéiert -, dass, wa mer wëllen eppes maache géint den CO<sub>2</sub>-Ausstouss, mer dat sollten hei am Land maachen, well et dem Klima jo - dat ass déi Formel, déi mer deemools gebraucht haten an och d'DP gebraucht huet - schlussendlech egal ass, wou mer d'CO<sub>2</sub>-Reduktiounen erreechen. An dann hu mer gesot: Kommt, mir maachen et hei am Land! Mir maachen eppes fir d'Handwierk hei am Land! Mir maachen eppes fir d'Isolatioun vu Gebaier oder d'Renovatioun hei am Land, dann hu mer eppes gemaach! Mir bleiwen och bei där Positioun.

Wa mer wëlle wierklech higoen a probéieren, Aspuerungen ze maache fir manner CO<sub>2</sub>-Emissiounen, dann, denke mir, sollte mer déi Suen hei investéieren, am plaz en Transfert statistique ze maachen, deen ënnert dem Stréch d'Stroumzesummesetzung hei net ännert, eng reng ideologesch Approche ass, déi schrecklech vill Sue kascht a vun deem mer net wëssen, wéi dee reellen Transfert financier, dee mir an déi State maachen, wéi déi Sue schlussendlech gebraucht ginn.

Dat gesot, kann d'ADR dës Projeten net matstëmmen an ech soen lech villmools Merci.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. A leschte Riedner ass den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. An deene leschte Woche gouf ganz vill innerhalb vun der Regierung iwwert d'ekonomesch Entwécklung an d'Usiidlung vun neie Betriber gestriden. Wat ass nohalteg? Wat ass Rifkin-konform? Wat bréngt eis Aarbechtsplazen? A wie soll déi Aarbechtsplaz besetzen?

Gréng Ministeren hu sech Wuertgefechter mam LSAP-Wirtschaftsminister geliiwert. An d'Fro muss erlaabt sinn a se ass och gestallt ginn: Ass dat wierklech eescht gemengt, déi Auseranersetzung? Oder ass et schonn Deel vun engem Wahlkampf? Spéitstens nom Interview vum leschte Freideg wësse mer, dass et Wahlkampf ass. Mir mengen och, dass et eng Scheindebatt ass an dass sech dës zwee Projete ganz gutt duerfir eegenen, fir dee Charakter vun der Scheindebatt ervirzeiwiesen, well iwwert dës zwee Projeten an der Effentlechkeet ganz wéineg gestridde ginn ass.

Här President, all wirtschaftlech Aktivitéit brauch Energie. Wann d'Energie net aus erneierbaren Energiequelle kënn, ass dës Energie net nohalteg an dann ass domadder och déi ekonomesch Aktivitéit net mënschlech a virun allem net ëmweltpolitesch nohalteg.

Mat deenen zwee Accorden, déi Lëtzebuerg elo mat Litauen an Estland ofschléisst, keeft d'Regierung sech deelweis vun hiren Obligatiounen an der Klimapolitik fräi. Dat kenne mer jo schonn. Dat ass och an deene vergaangene Jore scho geschitt. Et handelt sech dës Keier effektiv just ëm e reng statisteschen Transfert. Lëtzebuerg keeft also Zuelen aus dem litauischen an estneschen Energiebilan. Wat bedeit dat?

Litauen an Estland, déi méi erneierbar Energie produzéieren, wéi se dat opgrond vun den EU-Obligatiounen maache missten, ginn den Iwwerschoss an esou mat hire Bäitrag zum Klimaschutz u Lëtzebuerg of, fir dass mir manner eegene Bäitrag zum Klimaschutz leeschte müssen, wéi vun der EU virgesinn.

Eraus kënn den absolute Minimum. An dobäi sinn déi EU-Obligatiounen och nach wäit hantert deem zrëck, wat néideg wier, fir de Klimawandel effektiv a wierklech ze bekämpfen. An duerfir hunn ech och kee Versteesdemech derfir, wann den Här Hahn Aussoe gemaach huet, dass Lëtzebuerg net eleng de Klimawandel bekämpfe kéint, wat sécher als absolute Saz richtig ass, mä wou et dann a Wierklechkeet esou ausgesäit, dass mer nach ëmmer europawäit zimlech hanne sinn an d'Schlusslicht duerstellen.

Här President, d'Regierung mécht mat dësen zwee Projeten de Klimaschutz zu engem Statistikexercice, wou et virun allem ëm d'Käschtenoptiméierung geet. Déi erneierbar Energie sollen deementsprechend näämlech do produzéiert ginn, wou se am bëllegste sinn. Dorop baséiert zumindest de ganzen EU-Energiemark. An et ass déiselwecht Logik, déi och zur Delokaliséierung vu Betriber féiert.





An déi Rechnung ass an eisen Ae falsch. Onofhängeg dovunner, datt de Klimaschutz engem reng ekonomesche Käschtecalcul ëmmer iwwergeuerdnet misst sinn, bitt den Ausbau vun erneierbaren Energien zu Lëtzebuerg virun allem och Chancen. Et géifen nei ekonomesch Aktivitéiten entstoën, nei Aarbechtsplazen, an et besteet virun allem eng Sensibilitéit fir ekologesch Froen an der Populatioun. Wann een déi Entwécklung geif mat berücksichtegen, da géif den ekonomesche Calcul scho ganz anescht ausgesinn. An esou gesi bremst d'Regierung do d'Entstoe vun esou enger nohalteger Wirtschaft, obwuel se eigentlech dee ganzen Dag dovunner schwätzt.

Well wann een d'Efforte bedenkt, déi vu Fuer-scher an Ëmweltorganisatiounen am Kader vum Klimaschutz gefuerdert ginn, da sinn déi 5% erneierbar Energien, déi Lëtzebuerg aktuell virzeweisen huet, net terribel dichteg, am Géigendeel souguer wierklech traureg. Well Lëtzebuerg hätt näamlech méi Méiglechkeeten, selwer erneierbar Energien anzusetzen, dat seet eis d'Fraunhofer Institut am Rapport vun 2016. Dat seet eis awer och dee vill zitierete Rifkin-Rapport.

De Problem bei deene 5% aktuell an deem 11%-Zil bis 2020 ass awer, datt dat eng relativ Gréisst ass. Wat dat un absoluttem Energieverbrauch bedeit, huet eppes domadder ze dinne, wéi vill Energie insgesamt zu Lëtzebuerg verbraucht gëtt. An dat ass der ganz vill.

Natierlech ass ee grouse Verbrauch bei de Betriber ze sichen. An duerfir, mä net nëmmen duerfir, ass et och richteg, besonnesch d'Usiidlung vun engem Google-Datzenter a Fro ze stellen, deen de Verbrauch zu Lëtzebuerg quasi iwwer Nuecht méi séier géif beschleunegen, wéi d'SpaceX-Rakét de Militärsatelitt an de Weltraum geschoss huet.

Den Haaptverbrauch vun Energie ass a bleift awer am Transportsecteur. An den Här Anzia huet virdrun och schonn dro higewisen. An hei ass virun allem den Tanktourismus ze nennen. Et ass och dësse Beräich, deen de Gros vun eisen CO<sub>2</sub>-Emissiounen ausmécht. An den Tanktourismus ass eng Steiernisch. An dës Steiernisch ass en ultimative Klimakiller.

Doriwwer schwätze mer awer net, obwuel mer virun engem Joer eng Etüd presentéiert kritt hunn iwwert d'Konsequenzen dovunner, déi awer bis elo zumindest an den Tiräng verschwonne ass. Mir hunn am Dezember versprach kritt vum Nohaltegkeetsminister, uganks des Joers géif d'Regierung do mat Pisten a Propositione kommen. Muer si mer Mäerz, mir hu bis elo op jidde Fall nach näischt héieren, mä mir mengen, datt dat och grad virun de Wahlen dréngend noutwendeg wier.

Här President, fir et einfach zesummenzefassen: Eegen ambitiéis Investitiounen an d'erneierbar Energien zu Lëtzebuerg an eng zolidd Reduktioun vum Tanktourismus, domat hätte mer emol eng Kéier e reelle Bäitrag zum Klimaschutz gelescht. A Statistiken aus de baltesche Länner misste mer dann och net méi kafen.

Här President, dat hei ass an eisen Ae keen nohaltege Projet an et ass kee Projet, deen de Wee zu der Energieautonomie vu Lëtzebuerg an deenen nächste Jore kéint opzechnen, et ass de Géigendeel dovunner.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Energieminister, den Här Schneider.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Merci, Här President. Fir d'Alleréischts dann och nach eng Kéier der honorabeler Madamm Burton e grouse Merci fir deen exzellente Rapport.

Ech wëll och hei nach eng Kéier rappeléieren, dass dat heiten ee Gesetz ass, dat mer stëmmen op Basis vun enger EU-Direktiv, der Direktiv 2009/29/CE, also eng Direktiv, déi bal zéng Joer al ass, a mir elo als Lëtzebuerg an der Europäescher Kommissioun a vun der Europäescher Kommissioun héich gelueft ginn, dass mer dat éischt Land sinn, wat elo op dee Kompensatiounsmechanismus hei zrëckgräift.

Firwat gi mer gelueft? Mä well et sënnavoll ass. Well et sënnavoll ass, well d'Europäesch Unioun, d'Europäesch Kommissioun an all d'Memberlänner sech jo eigentlech elo entre-temps drop géeneegt hunn, dass mer eis Klimaziler, eis erneierbar Energieziler mussen europäesch realiséieren an dass et méi Sënn mécht, se do ze realiséieren, wou se am realisabelste sinn.

Mat deem, wat mir hei maachen, an do wëll ech vläicht direkt dem Här Kartheiser äntweren. Dir sot: Dat hei gëtt en deieren Accord. Dat hei gëtt déi bëlleget Form, wann ech et reng vum Käschtepunkt kucken, déi bëlleget Form vun erneierbaren Energien, déi mer an eise gemachte Mix vun erneierbaren Energien hunn! Mä dorëms geet et emol net, Här Kartheiser. Et geet dorëms, dass mer déi Moyenen, déi mer an der Europäescher Unioun hunn, fir erneierbar Energien ze produzéieren, do asetzen, wou mer am meeschten erneierbar Energie fir am mannste Suen och kënnen kréien. An dat geschitt och iwwert deen heiten Accord. An do si mer dann och a Contradictioun zu der Argumentatioun vum Här Baum.

Dat hei ass eppes, wat sënnavoll ass, well mer wierklech probéieren, e Maximum vun erneierbaren Energie kënnen ze produzéieren an der Europäescher Unioun. An ech mengen, et ass dat, wat zielt fir de Klima an Europa. Et ass vill manner wichteg, dass all Land a sengem Eck ka soen: Mir hunn elo esou vill Prozent. Well dat, wat wichteg ass, ass: Wivill erneierbar Energie ginn insgesamt an der Europäescher Unioun produzéiert?

An ech mengen, do hëllefe mer wierklech, fir eppes Sënnavolles ze maachen. Dat hei ass also ee ganz wichtegen Accord an och en Accord, wou mer zu deenen zwee Länner soen: Majo, mir kafen lech Är Iwwerschossenergie of zu engem gënschtege Präis, mä mir obligéieren lech och nach, dass Der déi Suen erëm weider investéiert a weider Recherche, a weider Investitiounen an d'erneierbar Energien. An ech mengen, dat ass jo een Deel vun eiser erneierbarer Energiestrategie, déi 2% vun deem 11%-Zil, dat mer hunn.

D'ailleurs, 11% waren d'Zil, dat mer eis deemools ginn hunn, wou d'Kommissioun selwer sot: Dat kënnt Dir duerch Är geografesch Situatioun, duerch de Fait, dass Der net genuch

Wand hutt, duerch de Fait, dass Der net genuch Waasser hutt, duerch de Fait, dass Der e klengt Land sidd a relativ schwéier d'Méiglechkeet hutt, iwwerall Wandmillen ze stellen zum Beispill, guer net selwer errechen. Mä dofir hu mir jo gesot: Mir hunn e Mix an dat heiten ass een Deel dovun, dat heite sinn 2% vun deenen 11%, déi mer wäerten iwwert deen dote Wee errechen.

Ech kann lech op alle Fall haut hei versprechen, dass Lëtzebuerg säin Zil, dat et sech ginn huet, fir 2020 op en Taux vun 11% erneierbar Energien ze kommen, wäert anhale kënnen. An ech wëll an deem Kontext, wann Der erlaabt, Här President, och e Merci aussprechen. E Merci dem fréieren Ëmweltminister, dem Marco Schank, well ech mat him eng ganz Rei Projekte konnt ustoussen an deem Beräich, fir ebe just eis eege Responsabilitéit hei am Land ze huelen.

An de Marco Schank weess, wéi schwéier déi Diskussiounen, déi mer haten, oft waren. Net well mir zwee net wollten, mä well et eng ganz Rei Oplage gëtt, well mer eis ganz oft heurtéiert hunn un Noperen, un Interéte vun anere Communautéiten, déi eben net wollten eng Wandmillen hunn, oder aneren Interéten, wat den Ëmweltschutz ugeet, wat den Déiereschutz ugeet, wou mer Problemer haten. Mä mir hu ganz vill Projeten zesummen ugestouss, déi haut rullen, déi haut Energie produzéieren. A mir hunn dat an dëser Regierung mam Camille Gira a mam Carole Dieschbourg zesumme massiv weider ausgebaut.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Dofir och hinnen zwee vun dëser Plaz e ganz grouse Merci fir déi wierklech fantastesch Kooperatioun, déi mer an deem doten Domän haten.

**(Brouhaha)**

Voilà! Dat gesot, soen ech lech alleguerten e grouse Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An da géife mer fir d'Éischt iwwert de Projet de loi 7224 ofstëmmen, dat heescht, den Accord mat Litauen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7224 et dispense du second vote constitutionnel**

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwuer.

55-mol Jo, 5-mol Neen. Domat ass de Projet de loi 7224 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Martine Mergen), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marcel Oberweis), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude

Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens ze froen?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

An dann deen nächste Projet. Dat ass den Accord mat Estland, de Projet de loi 7225.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7225 et dispense du second vote constitutionnel**

Och do fänkt d'Ofstëmmung elo un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo direkt eriwuer.

55-mol Jo, 5-mol Neen. Domat ass och dee Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Gilles Roth), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.


Ass d'Chamber d'accord mat der Dispens?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir sinn um Enn vun eisen Aarbechte vun de Mëtten ukomm. Rendez-vous ass muer de Mëtten um zwou Auer fir den Debat iwwert de Logement. Merci gesot a schéinen Owend nach.

**(Fin de la séance publique à 17.55 heures)**



## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

### 2. Question élargie n°27 de M. Fernand Kartheiser au sujet du passage de l'Enseignement secondaire à l'Enseignement supérieur

- M. Fernand Kartheiser - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

### 3. 7155 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers

- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Lex Delles

- Discussion générale: Mme Martine Hansen, M. Georges Engel, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser

- Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

### 4. Débat de consultation sur la problématique du logement

- Exposé: M. Marc Hansen, Ministre du Logement

- Débat: M. Marc Lies (intervention de M. le Ministre Dan Kersch), M. Max Hahn (dépôt d'une motion), M. Yves Cruchten (intervention de M. Henri Kox), M. Henri Kox, M. Roy Reding, M. David Wagner (dépôt de quatre motions)

### 5. Dépôt d'une proposition de loi par M. David Wagner

- M. David Wagner

### 6. Débat de consultation sur la problématique du logement (suite)